ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. November 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister, déi Häre Vize-Premierministeren an un d'Madame Familljeminister weiderzeleeden.

D'Madame Minister Cahen huet e facebook-Profil an dem ënnert hirem Numm "Gouvernement du Luxembourg" steet. Et däerf een also wuel unhuelen, datt et sech em eng Säit mat offiziellem Charakter handelt. Op der Titelsäit steet d'Madame Minister bei enger Éieregarde vun der Arméi. Doniewent huet si och nach e private Profil.

Wann een dësen offizielle Profil besicht fënnt een als referenzéiert Spaweckssäiten zwou Adresse vun engem Schonggeschäft. Am "Journal" vun dem Profil fannen sech eng Rei weider Hiweiser op dat selwecht Schonggeschäft, z. B. op Bäiträg mat Datum vum 03. Mäerz an 31. August. De Bäitrag vum 31. August bezitt sech op d'Braderie an der Stad an huet en evident kommerzielle Charakter.

Dowéinst wollt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi stellt sech d'Regierung zu dem facebook-Optrëtt "Gouvernement du Luxembourg" vun der Madamm Minister Cahen, besonnesch am Hibléck op d'Referenzen op e bestëmmte Schonggeschäft?
2. Ass dëst, an den An vun der Regierung, mam Deontologieskodex vun der Regierung kompatibel?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten